N° 4931
Reçue le 06.09.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 07.09.2021

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/09/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Justiz weiderzeleeden.**

D'Gesetz vum 10ten Dezember 2009 reegelt d'Hospitaliséierung vu Persounen, déi mental Problemer opweisen. Et handelt sech heibäi ëm Reegelen, déi déif an d'Fräiheete vun enger Persoun agräifen an déi u sech nëmmen dofir geduercht sinn, deene Leit ze hëllefen, déi eng Gefor fir sech an/oder hiert Ëmfeld duerstellen. D'Placéiere vun enger Persoun an engem Spidol fir mental Gesondheet muss ënnert héchster Transparenz an dem striktem Ofweie vun de Grondrechter vun dëser Persoun, vu Fall zu Fall a mat ganz vill Proportionalitéit tëschent Zil an Zweck decidéiert ginn, fir net fälschlecherweis Mënsche willkürlech anzespären.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Opgelëscht no Demandeur fir eng Placéierung, sou wéi se an de 5 Kategorien aus dem Artikel 7 festgehalen ass:
    - Wéi vill Persoune sinn zënter dem Akraafttriede vum Gesetz an ee Service de Psychiatrie placéiert ginn?
    - Wéi vill sinn tëschenzäitlech erëm entlooss ginn?
    - Wéi laang sinn d'Persounen am Duerchschnëtt placéiert?
    - Wéi vill Persoune sinn no enger Entloossung op een Neits placéiert ginn?

2. Wéi vill Persoune sinn zënter dem Akraafttriede vum Gesetz wärend hirer Observatiounszäit (vu maximal 30 Deeg) entlooss ginn? Wéi laang sinn dës Persounen am Duerchschnëtt placéiert? Wat ass de Medianwäert?

3. Kënnen d'Patiente wärend hirer Observationsperiod géint hire Wëllen staark Medikamenter a Berouegungsmëttel veruerdent kréien? Falls jo, wéi gëtt dëst dokumentéiert, wéi vill Medikamenter verofreecht ginn a aus wéi enge Grënn? Wéi gëtt séchergestallt ,dass dës Dokumentatioun net manipuléiert gëtt?

4. Nom Artikel 42 vum Gesetz muss d'Ministesch der Chamber all 3 Joer ee Rapport vun der Situatioun vun de Spideeler fir mental Gesondheet presentéieren. Dës Rapporten si fir de breede Public allerdéngs net ze fannen. Kéinten dës Rapporten, ënnert

Berécksiichtegung vum Dateschutz vun de Persounen, ënnert PDF-Form um Site vum Ministère verëffentlecht ginn? Falls nee, firwat net?

5. Wéi kënne Persounen, déi zu Onrecht an esou eng Struktur placéiert goufen, sech dogéint wieren?

6. A wéi vill Fäll hu Persounen eng Plainte géint eng Placéierung gemaach, well si zu Onrecht an eng zoue Struktur placéiert goufen? A wéi ville Fäll koumen d'Enquêteuren zu Konklusioun dass dës Leit tatsächlech fälschlecherweis placéiert goufen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député

N° 4931
Reçue le 07.10.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlemènt
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 6 octobre 2021

**Réf.** : 83ax878d1

**Concerne:** Question parlementaire n° 4931 du 6 septembre 2021 de Monsieur le Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Madame la Ministre de la Justice et de la soussignée à la question parlementaire n° 4931 du 6 septembre 2021 de Monsieur le Député Marc Goergen concernant "Hospitalisation sans leur consentement de personnes atteintes de troubles mentaux".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

**Paulette LENERT**
**Ministre de la Santé**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé et de Madame la Ministre de la Justice à la question parlementaire n°4931 du 6 septembre 2021 de Monsieur le Député Marc Goergen concernant "Hospitalisation sans leur consentement de personnes atteintes de troubles mentaux".**

*Opgeléscht no Demandeur fir eng Placéierung, sou wéi se an de 5 Kategorien aus dem Artikel 7 festgehalen ass:*

- *Wéi vill Persoune sinn zënter dem Akraafttriede vum Gesetz an ee Service de Psychiatrie placéiert ginn?*
- *Wéi vill sinn tëschenzäitlech erëm entlooss ginn?*
- *Wéi laang sinn d'Persounen am Duerchschnëtt placéiert?*
- *Wéi vill Persoune sinn no enger Entloossung op een Neits placéiert ginn?*

*Wéi vill Persoune sinn zënter dem Akraafttriede vum Gesetz an ee Service de Psychiatrie placéiert ginn? Wéi vill sinn tëschenzäitlech erëm entlooss ginn? Wéi laang sinn d'Persounen am Duerchschnëtt placéiert? Wat ass de Medianwäert?*

Déi gefroten Donnéeën ginn fir den Moment net zentral erfaasst. Aktuell ginn et 5 Spideeler déi e Service de psychiatrie exploitéieren an déi deemno ënnert d 'Bestëmmungen vum Gesetz vum 10ten Dezember 2009 falen. Et handelt sech em de Chem zu Esch, den CHL an den HRS zu Lëtzebuerg, esou wéi den CHdN an den CHNP zu Ettelbréck.

*Kënnen d'Patiente wärend hirer Observationsperiod géint hire Wëllen staark Medikamenter a Berouegungsmëttel veruerdent kréien? Falls jo, wéi gëtt dëst dokumentéiert, wéi vill Medikamenter verofreecht ginn a aus wéi enge Grënn? Wéi gëtt séchergestallt ,dass dës Dokumentatioun net manipuléiert gëtt?*

Dem Ministère de la Santé ass net bekannt dass d'Patienten an den Psychiatrien Medikamenter a Berouegungsmëttel géint hiren Wellen administréiert kréien.

*Nom Artikel 42 vum Gesetz muss d'Ministesch der Chamber all 3 Joer ee Rapport vun der Situatioun vun de Spideeler fir mental Gesondheet presentéieren. Dës Rapporten si fir de breede Public allerdéngs net ze fannen. Kéinten dës Rapporten, ënnert Berécksiichtegung vum Dateschutz vun de Persounen, ënnert PDF-Form um Site vumMinistère verëffentlecht ginn? Falls nee, firwat net?*

Den Ministère gesäit keen Problem fir di Rapport'en, wann se bis presentéiert goufen, och um Site vum Gesondheetsministère ze publizéieren.

*Wéi kënne Persounen, déi zu Onrecht an esou eng Struktur placéiert goufen, sech dogéint wieren?*

Eng Persoun, déi hire Placement an esou eng Struktur ufechte wëll, ka laut den Artikelen 30 a 37 vum Gesetz vum 10. Dezember 2009, zu all Zäit e Recours virum Bezierksgeriicht (Lëtzebuerg oder Dikrech, jee nodeem wou d'Etablissement an där d'Persoun placéiert ass, sech befënnt) aleeden. D'Geriicht décidéiert dann, ob de Placement berechtegt ass.

Wéi bei all Geriichtsuerteel, kann d'Persoun och Appel géint dës Décisioun vum Bezierksgeriicht aleeden.

Dovunner ofgesinn, existéieren zwou Kommissiounen, déi periodesch analyséieren, ob de Placement nach berechtegt ass oder ob d'Persoun entlooss muss ginn.

Et handelt sech do engersäits ëm déi sougenannten *"Commission spéciale chargée de l'exécution des décisions judiciaires de placement"*, bestoend aus engem Riichter, engem Magistrat vum Parquet, zwee Memberen déi vum Santésministère proposéiert ginn, vun deenen een e Psychiater oder Pedopsychiater muss sinn. Dës Commission spéciale ass zoustänneg wann d'Persoun op Uerder vun enger Geriichtsdecisioun, déi d'Persoun op Basis vum Artikel 71 vum Code pénal[1] als pénalement irresponsabel erkläert, placéiert gouf (Artikelen 33 bis 38 vum virerwäänten Gesetz vum 10. Dezember 2009).

Anerersäits, an all deenen anere Fäll vu Placementer (zB e Placement dee vum Tuteur vun der Persoun ugefrot ginn ass), ass eng aner Kommissioun, bestoend aus engem Riichter, engem Psychiater (oder Pedopsychiater) an engem *"assistant d'hygiène sociale"* oder engem Assistant social, fir dës Décisiounen zoustänneg (Artikel 29 vum virerwäänten Gesetz vum 10. Dezember 2009).

*A wéi vill Fäll hu Persounen eng Plainte géint eng Placéierung gemaach, well si zu Onrecht an eng zoue Struktur placéiert goufen? A wéi ville Fäll koumen d'Enquêteuren zu Konklusioun dass dës Leit tatsächlech fälschlecherweis placéiert goufen?*

Et sief am Virfeld bemierkt, dass d'Prozedur vum Placement a fir d'Ufechte vun dësem Placement, egal vu wéi engem Acteur de Placement gefrot respektiv ugeuerdent gouf, eng zivilrechtlech Prozedur ass, déi och vum Geriicht, bzw. vun engem delegéierte Riichter, kontrolléiert gëtt. Aus deem Grond kann déi placéiert Persoun nëmmen d'Voies de Recours, déi vum virerwäänten Gesetz vum 10. Dezember 2009 virgesi sinn, benotzen.

D'Justizautoritéite féiere keng Statistiken iwwer déi verschidde Grënn, déi eng Entloossung rechtfäerdegen.

[1] Fir dass esou e Placement kann ugeuerdent ginn, musse folgend Konditiounen erfëllt sinn:

(i) D'Persoun muss fir seng Strofdot als pénalement irresponsabel erkläert gi sinn;
(ii) D'troubles mentaux déi um Moment vun der Strofdot existéiert hunn, mussen nach ëmmer existent sinn;
(iii) D'Persoun muss eng Gefor fir sech selwer oder déi aner duerstellen.

Et gi keng individualiséiert Statistiken zu de Recourse vu placéierte Persoune virun 2015, sou dass dës Zuelen nëmme réckwierkend op déi lescht 5 Joer kënne geliwwert ginn. D'Zuele vun de Recourse vun de placéierte Persoune säit 2015 sinn déi folgend:

**Bezierksgeriicht Lëtzebuerg**

| | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Recours des personnes placées) | 75 | 96 | 93 | 78 | 80 | 90 |

**Bezierksgeriicht Dikrech**

| | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Recours des personnes placées) | NA | NA | 3 | 8 | 6 | 8 |